

Dat ass sécher fir e Land wéi Lëtzebuerg, mä och - an dat bedauern ech e bëssen, dass dat net op dëser Resolutioun ass - Länner wéi d'Belsch an Eisträich am Fong geholl net akzeptabel. Déi Deklaratiounen vum Här Steinbrück, déi concernéieren net nëmme Lëtzebuerg, mä och d'Belsch an Eisträich an deem Verglach, deen e mat Burkina Faso gemaach huet.

Dat ass, wat mer hei brandmarken. Wa mer gären eng Europäescher Unioun hätten, déi anstänneg Finanzregulatiounen géint d'Kris kann aféieren, da muss dat partnerschaftlech, gemeinsam gemaach ginn.

Duerfir begréissen ech och, dass d'Lëtzebuenger Regierung an deem Conseil ECOFIN ons Positioun ganz kloer duergestallt huet, déi de Minister Frieden jo d'lescht Woch och nach eng Kéier hei an dëser Chamber preziséiert huet.

Wéi gesot, nach eng Kéier: Et ass net akzeptabel, dass d'Représentantë vu groussen Länner, ob et Finanzministere sinn, Staatspräsidenten oder Kanzler, wien ëmmer, Länner aus der Europäescher Unioun brandmarken, well se net deem follege genee, wat si wëllen. Duerfir ass dës Resolutioun sécher och e Mëttel, fir onser Indignatioun Ausdrock ze ginn.

Ech muss allerdéngs awer och derbäifügen, dass ee sech an der Chamber muss iwwerleeën, wéi oft een dat mécht. Ech mengen, dat do mécht een net x-mol. Dat mécht een eemol, an et kann een net all Kéiers déi Saachen esou héichspillen, well et ass trotzdeem ee Parlament, eng Chamber, déi sech un en anert Parlament wennt. Wa mer dat eng Kéier maachen, huet dat bestëmmt eng gewëssen Effikassitéit. Mä wa mer et x-mol maachen, huet et keng.

» Une voix.- Très bien!

» M. Ben Fayot (LSAP).- Duerfir fanne mer dat hei richteg. Mir sollen ons awer iwwerleeën, wéi mer an onser weiderer Strategie iwwert déi Zesummenaarbecht an Europa mat anere Länner, och an onse bilateralen Zesummenaarbechte virginn.

» M. le Président.- Merci, Här Fayot. Den Här Mehlen huet d'Wuert elo.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Merci, Här President. Mir droe selbstverständlech déi Resolutioun och mat. Ech ka mech nëmmen deene Wieder vu menge Virriedner unschléissen.

Et schéngt sech hei haaptsächlech ëm Wahlkampf ze handeln, ëm - zum Deel - en Oflenkungsmanöver. Mir wëssen, dass déi däitsch Finanzsektor sech a kengem gudden Zoustand befannen, dass Däitschland en enorm héijen Undeel vu sengem Budget muss fir de Scholdendéngscht opbréngen. Dat si Feeler, déi si bei sech selwer ze sichen hunn. Si probéieren elo am Wahlkampf, d'Schold op aner Länner, an da woufir net och op e klengen Noper, dee sech net esou gutt wiere kann, ofzewälzen.

Wat mech och stéiert, dat ass, dass hei Burkina Faso als Knäppel geholl gëtt, fir op Lëtzebuerg dropzeschloen, wat och e Manktum u Feinfühlegkeet vis-à-vis vu Länner, déi vläicht an hirer Entwécklung nach net esou wäit si wéi mir, erkenne léisst.

Ech kann net hei referéieren iwwert d'Transparenz vun der Fiskalitéit a Burkina Faso. Op jidde Fall, mengen ech, hätt den Här Steinbrück sech dat do renglech kënnen spueren.

Et weist eng Geeschtshaltung, déi net gutt ass an enger Europäescher Unioun, déi op Solidaritéit opgebaut ass, wou een deen anere soll a muss respektéieren, egal wéi grouss en ass, egal wéi kleng en ass, egal wéi laang e scho Member vun där Europäescher Unioun ass. Lëtzebuerg ass ee vun de Grënnerstaaten. Ech mengen, mir hunn ëmmer Solidaritéit gewisen a mir hunn dat do wierklech net verdéngt gehat.

Et weist awer och, dass eng nei Generatioun amgaangen ass ze kommen, déi deelweis net méi dat Geschichtsbewusstsein schéngt ze hunn, wat ee sech géif wënschen. Vlächicht kéint een dem Här Steinbrück e Lëtzebuenger Geschichtsbuch schécken, dass en a méi rouege Momenter sech emol e bëssen iwwert dat informéiert, wat eis Relatiounen an der Zäit waren a wéi Lëtzebuerg ënnert Däitschland an der Zäit ze leiden hat.

Ech hu mech awer och gefrot, ob net déi leschte Kéier, wéi déi Ugrëff scho waren, d'Lëtzebuenger Regierung net och méi daitlech hätt kënnen reagéieren, esou, wéi zum Beispill d'Schwäizer Regierung et gemaach huet, an zwar den däitsche Botschafter abestellen an him ganz klipp a kloer soen, dass dat doten en inakzeptabele Comportement ass.

Duerfir, ech deelen och dat, wat den Här Fayot seet, et kann een dat net all Kéiers maachen. Mä et wär och gutt, wann um Niveau vun der Regierung entsprechend géif reagéiert ginn.

Selbstverständlech droe mir dat hei mat.

» M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Merci, Här President. Ech mengen, déi Frechheeten, déi vis-à-vis vun eisem Land do vu sech gi sinn, dat ernënnert esou e bëssen un e Buch vun engem eisträichesche Moler aus den 30er Joren. Deen huet mat deeneselwechte Methoden operéiert.

Ech mengen, wa mer och mussen higoen a kucken iwwer ëmmer méi Dialog ze versichen, d'Problemer elo an deem Moment an an Zukunft ze léisen, esou ass et awer kloer, dass mer eis vu kengem Frechheete brauche gefalen ze loossen an dass mer et och net dierfen zouloossen, dass Frechheete vis-à-vis vun anere Länner vu sech gi ginn, besonnesch vun där anerer Säit vun der Musel.

Duerfir ass déi Resolutioun, déi hei haut depuniert ginn ass, déi eenzeg richteg Äntwert op dat, wat do geschitt ass.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Den Här Goerens huet d'Wuert.

» M. Charles Goerens (DP), auteur.- Här President, ech wollt just als Äntwert op dem Här Fayot seng Interventioun soen, dass et richteg ass, dass een net soll ze dacks op dat Instrument hei zrëckgräifen.

Fir mech ass et och eppes Eemoleges, an et muss eng ganz massiv Riposte kommen. Et gesäit jo wuel esou aus, wéi wann d'Chamber dat hei géif eestëmmeg matdroen. Ech mengen, et ka jiddwereen dozou bäidroen, dass et besser geet. Deen Allereischten, deen dat ka maachen, ass den Här Steinbrück. Wann en déi Äusserungen do net méi répétéiert, wann en net méi récidivéiert an deemselwechte Sënn, da ginn och zukünfteg Stellungnahmen iwwerflësseg.

» M. le Président.- Den Här Minister Frieden huet d'Wuert.

» M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, mir sinn eis ganz bewusst, dass et eng Resolutioun ass, wou d'Chamber sech ausdréckt an d'Regierung net direkt zu eppes opgefuerdert gëtt. Trotzdeem ass dat hei e Virgang - dat, wat gëschter geschitt ass mam Finanzminister Steinbrück -, deen och vu Regierungssäit aus e Kommentar néideg mécht.

Ech wëll fir d'éischt preziséieren, dass den Här Steinbrück déi Remarque, ëm déi et hei geet, wou e gesot huet, hie géif op eng Sitzung am Juni d'Schwäiz, Eisträich, Lëtzebuerg a Ouagadougou invitéieren, an all anerer, dass en déi net gemaach huet an dem Conseil vun de Finanzministere selwer, well den Här Steinbrück war dee Moment, wou dee wichtege Dossier vun de Steieren am Conseil diskutéiert ginn ass, wou d'Kommissioun fir Lëtzebuerg inakzeptabel Propositionen gemaach huet iwwert d'Bonne gouvernance fiscale, guer net am Sall vum Finanzministerconseil. Et wär also besser gewiescht, den Här Steinbrück wär dee Moment am Conseil gewiescht, en hätt sech iwwert dee Sujet ausgeschwat, deen do zur Diskussioun war.

Den Här Steinbrück schéngt déi Aussoe virun der Press gemaach ze hunn, wat awer allerdéngs guer näischt der Gravitéit an der Inakzeptabilitéit vun deenen Aussoen ewechhëlt.

D'Regierung condemnéiert déi, wéi ähnlech Aussoen, déi an der Vergaangenheet gemaach gi sinn, op d'Schäerfst. Mir hätte gären, dass eist Land respektéiert gëtt wéi aner Länner och, an duerfir ass dat heiten eng inakzeptabel Frechheet fir Lëtzebuerg. Mä et ass virun allem, mengen ech och, eng inakzeptabel Frechheet fir Afrika a fir all d'Afrikaner, well et jo am Fong eng erofloossend Remarque ass fir d'Afrikaner, déi esou e bëssen Zweet-Klass-Leit wäeren, an déi eis dann a sengem État d'esprit an déi nämlech zweet Klass setzt, zesummen iwwregens mat der Schwäiz a mat Eisträich.

Dat ass einfach net hinnehmbar, och wann ech awer weess - a mir hunn dat och gëschter am Gespréich um Rand vum Conseil matkritt -, dass all Kéiers, wann den Här Steinbrück esou Remarquë mécht, hie bei sengen Unhänger an Däitschland an op sengen Parteikongresser ganz gutt ukënn. Sou dass en also och no dëser Resolutioun héchstwahrscheinlech sech e wéineg gebremst fillt a sengen inakzeptabele Remarquen.

Zum Inhalt géif ech nach gären ee Saz och hei derbäifügen. Et geet en fait, an dat war an deem Kontext, wou den Här Steinbrück geschwat huet, ëm eng Sitzung, déi den däitsche Finanzminister Steinbrück zesumme mam franséische Budgetminister Woerth wëllt am Juni zu Berlin aruffen als Nofolgesitzung vun enger Sitzung, déi d'lescht Joer am Oktober zu Paräis stattfonnt huet.

Ech wëll hei nach eng Kéier soen, dass Lëtzebuerg an där Sitzung net deelgeholl huet, no Concertatioun mat anere Länner, dont Eisträich an d'Schwäiz - aus zwee Grënn.

Éischstens, well et eng Sitzung ass, un där net eng Organisatioun, där mir ugehéieren, Organisateur war. Et war eng Sitzung, déi am Gebai vun der OCDE stattfonnt huet, wou awer net all d'OCDE-Memberen invitéiert gi sinn.

Zweetens ass et keng Sitzung gewiescht vun der Europäescher Unioun. Mir diskutéiere Steierfroen an der Unioun a mir diskutéiere Steierfroen an der OCDE, an net op Invitatioun, op Diktat vu Frankräich an Däitschland, déi eis convoquéieren op eng Sitzung op Paräis.

Déi zweet Ursaach, firwat mer net dohinner gaange sinn, war, dass et eng Sitzung war, déi fir zwou Stonne geplangt war, wou d'Konklusioun vun der Sitzung scho virdru festgeschriwwen waren, wou eng Rei Saachen drastoungen, mat deene mir net d'accord waren, a wou et just dorëm gaangen ass, dass Däitschland a Frankräich op enger Pressekonferenz konnte soen, wat hir Meinung zum Steierdossier war.

Däitschland wëllt elo eng Folgekonferenz vun där Sitzung am Oktober maachen, an déi Sitzung hu se geplangt fir den 23. Juni 2009 zu Berlin. D'Lëtzebuenger Regierung, a besonnesch de Statsminister an ech selwer, deen an deem Dossier jo concernéiert ass, sinn der Meinung, dass d'Plaz vun de Ministere, an ech géif soen och d'Plaz vun den Deputéierten, op eisem Nationalfeierdag am Lëtzebuenger Land ass, fir un deene Feierlechkeeten deelzehuelen, déi eisen Nationalfeierdag ausmaachen.

Mir hunn also duerfir net d'Intentioun, als Ministeren op deem Dag op Berlin ze fueren. Mir sinn awer der Meinung, dass, vu dass et sech ëm e wichtege Dossier handelt, a vu dass och schéngen déi aner Länner, wéi d'Schwäiz an Eisträich, un där Sitzung deelzehuelen, mer un där Sitzung deelhueelen um Niveau vun héije Fonctionnaire respektiv Ambassadeuren, fir eis an déi Debat mat anzeklicken, woubäi ech awer nach eng Kéier kloer an daitlech wëll soen, et ass keng Sitzung, déi befugt ass, iergendeng Décisioun ze huelen, well dat kann eleng d'Europäesch Unioun.

Do hu mer schwiereg Debatten, an ech kann lech soen, gëschter war fir Lëtzebuerg en désagrèabelen Dag am Conseil, well d'Europäesch Kommissioun mengt, si hätt de Wand an de Segelen a kënnt elo d'Kallenneren an d'Inhalter no dem G20 an der OCDE accélérieren.

Mir ginn also dohinner, fir ze weisen, dass mer an dee Sujet eis wëllen abannen, mä d'Diskussiounen an d'Décisioun huele mer an der Europäescher Unioun, wou am Dossier vun der Fiskalitéit Eestëmmegkeet ass. Mir wëssen, dass eis Positioun minoritär ass. Dat heescht awer net automatesch, dass eis Meinung falsch ass.

Déi Resolutioun hei fënnt d'total Zoustëmmung vun der Lëtzebuenger Regierung. Mir brauchen net ze akzeptéieren, dass d'Ministere vun engem Nopeschland eis op déi doten Art a Weis blesséieren. Et ass blessant fir all d'Afrikaner, et ass blessant fir Lëtzebuerg, a mir wäerten och op eiser Säit op appropriéiert Art a Weis dorobber reagéieren.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister.

Kënnen mer par main levée ofstëmmen? Här Wolter, wann ech gelift.

» M. Michel Wolter (CSV).- Ech mengen, dass et wichteg ass an deem heite Moment, fir och ze dokumentéieren, dass d'Lëtzebuenger Parlament à l'unanimité vu sengen 60 Memberen d'Resolutioun vum Här Goerens ënnerstëtzt.

» M. le Président.- Jo, da stëmme mer par appel nominal of. Ech wär awer frou, wann Der da géift alleguer d'Prokuratiounen huelen, dass mer och op den Totalchiffer komme vun de Membere vum Parlament.

Vote

De Vote ass amgaang. De Vote ass ofgeschloss.

D'Resolutioun ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helmingier (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ech wäert dem Wonsch vun der Chamber nokommen a mengen Homologuen aus Däitschland a Burkina Faso dës Resolutioun iwwermëttelen.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer zum nächste Projet de loi. Dat ass deen iwwert d'Duebelbesteuerung mat Indien. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Thiel.

4. 5948 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de l'Inde tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à New Delhi, le 2 juin 2008

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Mir bleiwe beim Sujet, an ech fäerten, mir bleiwen nach relativ laang Zäit beim Sujet, well dat, wat ënnerwee ass, dat léisst een näischt Guddes vermudden.

Dat Duebelbesteierungsofkommes, dat mir haut op der Lee hunn, huet scho bal historesch Zich. Et ass net nëmmen eng Konvention tëscht engem vun deene klengste Länner vun der Welt an deem zweetgréissten, ëmmerhin iwwer eng Milliard Awunner. Et ass net nëmmen en Accord, fir dee mir geschloe 16 Joer gebraucht hunn, bis hien ënnerdaach war; och dat ass wuel e Rekord. An et ass net nëmmen e Steieraccord mat enger vun de féierende Wirtschaftsatiounen vun der Welt vu muer, déi an deenen dräi leschte Joren ëm 9% an der Moyenne gewuess ass an déi am Moment matzen an der Kris nach ëmmer iwwer 5% Wuesstum huet.

Historesch gëtt dëst Duebelbesteierungsofkommes - et ass dat 55., dat eist Land ofgeschloss huet - fir eis wuel aus deem Grond, dass et, deemno wéi een d'Saach kuckt, dat lescht a sengem Genre oder dat éischt vun enger neier Serie ass.

Dat huet op där enger Säit och eppes domat ze dinne, datt mir esou laang dru gekoschtert hunn, an op där anerer Säit, datt entre-temps a steierlecher Hisiicht eppes geschitt ass, dat eisen Accordë mat deenen anere Länner eng aner Nues gëtt.

Et geet, Dir hutt et geroden a mir hu jo elo scho genuch driwwer geschwat, ëm den Informationsaustausch a Steiersaachen, géint dee mir eis esou laang gestriift hunn an dee mir schliesslech, genee wéi eis Konkurrenten och, hu missen akzeptéieren.

Et ware virun allem zwee Grënn, firwat déi Verhandlung mat Indien esou laang geschleeft hunn. Deen éischten huet domat zesummegehaang, datt Indien bis elo seng Duebelbesteierungsofkommess no engem Modell vun der UNO gestréckt huet an net no deem vun der OCDE.

Bis elo huet sech déi gréissten Demokratie vun der Welt eben éischter zu den Entwécklungslänner gezielt, iwwert déi d'Veereent Natioune jo bekanntlech d'Hand halen, an net zu den Industrienatiounen, déi sech an der OCDE zesummegeschloss hunn.

Dat wäert sech awer wuel geschwënn änneren. Am G20, där autodeklarierter Weltregierung, déi elo kierzlech mat de sougenannte Steierparadäiser zimlech rabiat Schlittschong gefuer ass, setzen d'Inder op alle Fall elo schonn.

Deen zweete Grond, firwat et esou laang gedauert huet, hänkt mat deem éischten zesummen. Déi sougenannt Duebelbesteierungsofkommess dénge bekanntlech zwee Zwecker. Éischters verhënnere si, datt Akommes an Émsätz, déi an engem frieme Land gemaach ginn, do an dann och nach eng Kéier an der Heemecht vum Fournisseur besteiert ginn. Deen aneren Zweck ass deen ze verhënnere, datt dat Ëmgekiert geschitt an datt bei Revenuen aus engem anere Land iwwerhaupt keng Steiere bezuelt oder carrément gestréppt ginn.

Et ass jo aus deem zweete Grond, datt an der Regel an den Duebelbesteierungssaccorden d'Zesummenaarbecht tëschent de Steierverwaltunge geregelt gëtt, fir déi mir Lëtzebuurger bis elo allerdéngs, weinst eisem Bankgeheimnis, net ganz waarm waren.

Dorunner an och un den Ënnerscheeder tëschent dem UNO- a dem OCDE-Modell hu sech d'Inder gestéiert. An dofir kruten d'Verhandlungen, déi Lëtzebuerg ëmmerhi schonn 1992 ugefrot hat, och keen esou ee richtige Wach. Eréischt wéi d'Lëtzebuurger Säit sech mat enger spezieller Klausel d'Accord erkläert huet, déi den Inder d'Dier fir en Informationsaustausch opgemaach huet, konnten d'Verhandlung schlieslech ofgeschloss an den Accord virun engem Joer zu Nei Delhi ënnerschriwwen ginn.

Wat déi eenzel Dispositiounen vun der Konventioun ubelaangt, sinn déi meescht e Kompromëss tëschent deem, wat de Modell vun der UNO, an deem, wat d'OCDE proposéiert. Nëmme ee Beispill: Den UNO-Modell, deen drop ausgeriicht ass, déi ekonomesch manner gutt gestiwwelt Länner ze protegéieren, ass méi fir eng Besteuerung am Zilland. De Modell vun der OCDE favoriséiert éischter d'Ursprongsland. Fir do d'Bir an der Mëtt duerchzeschneiden, gouf am Fall vun Indien decidéiert, dat d'Ursprongsland nëmme héchstens 10% op den Dividenden an den Zënsrevenue als Steieren abehale kéint an datt de Rescht dem Destinationsland zeguttkëent. Nëmme an Ausnahmefäll gëtt d'Besteuerung integral am Wunnland gemaach.

Vläicht kënne mir vu Gléck soen, datt deesen Accord schonn d'lescht Joer ënnerschriwwen ginn ass, well an der Tëschenzäit ass d'politesch Stëmmung an Indien lichter ëmgeschloen. Déi rietsnational Oppositionspartei, déi hirersäits vun 2000 bis 2004 regéiert hat, an déi nom 16. Mee, dat heescht no de Wahlen, déi an Ablack an Indien lafen, erëm un de Pouvoir komme wëllt, huet d'Steierflucht zu hirem grouss Wahlkampfthema gemaach an de Wieler versprach, déi Suen, déi hir Landsleit uechtert d'Welt an de sougenannte Steierparadäiser verstoppt hunn - et geet Rieds vu 500 bis 1.400 Milliarden Dollar -, mat alle Mëttelen erëm heemzehuelen. Zu deene Mëttele gehéiert wuel och den Informationsaus-

tausch, dee mir bis elo ëmmer refuséiert hatten an zu deem mir eis elo vum G20 breetschloe gelooss hunn.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Lucien Thiel** (CSV), *rapporteur*.- Wuel steet och nach an deem Accord déi Restriktioun par rapport zum OCDE-Modell, mat där eisem Bankgeheimnis Rechnung gedroe gëtt. Mä d'Inder, déi alt schonn esou hir Erfahrung mat Offshorezentre wéi zum Beispill der Insel Mauritius gemaach hunn, hunn net labber gelooss, bis si en Zousazprotokoll zum Ofkommess duerchgedréckt haben, an deem klipp a kloer steet, datt am Fall, wou Lëtzebuerg mat engem EU-Land en Informationsaustausch veraccordeiere géif, dann déiselwecht Regel och fir Indien ze gëllen hätt. An anere Wieder, wa mir muer mat Frankräich oder Däitschland en Informationsaustausch ofmaachen, wat jo esou wäit net méi aus de Féiss läit, dann dærf och den indesche Fisk déi Informatiounen vun eiser Steierverwaltung verlaangen.

An deem zimlech onfaire Spill, Här President, dat säit dem G20-Sommét zu London mat eis a mat anere Finanzplaze gespillt gëtt, ass deesen Accord domat eng Jokerkaart ginn. Schlieslech ass een, wéisou och ëmmer, laut der OCDE kee Steierparadäis méi, wann ee mat zwielef Länner en Accord iwwert den Informationsaustausch ofgeschloss huet. An et ass een domat aus der Schosslinn vun de Sarkozyen, Steinbrücken an anere Steierparadäisjeeër.

Et geet also duer, wa mir elo nach zéng där Accorden ofschléissen - Amerika ass jo esou gutt wéi gelaf, wann ech dat richtig verstanen hunn, Här Minister; Frankräich an Däitschland sinn an der Maach -, a schonn hätte mir et iwwerstanen. Mat wéi enge Laangzäitblessen, steet allerdéngs op engem anere Blat.

Och wann de Statsrot e bedenkleche Précedent an deem Zousazprotokoll gesäit, deen automatesch den Informationsaustausch fir Indien bäifléckt, wa mir elo op dee Wee och mat anere Länner ginn, mengt Är Finanzkommissioun, Här President, dat géif kaum nach bei deenen nächste Verhandlung steieren. Dofir proposéiert d'Kommissioun der Chamber, den Accord mat Indien inklusiv dem Zousazprotokoll ze approuvéieren.

Där Meenung ass d'CSV-Fraktioun och, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Thiel. D'Wuert huet déi honorabel Madame Brasseur.

Discussion générale

» **Mme Anne Brasseur** (DP).- Merci, Här President. Ech wëll den Accord vun der DP-Fraktioun och zu deem Projet de loi ginn. Ech mengen, de Rapporteur, deen huet all d'Facetten dovun belicht, mä ech wëll awer nach eng Kéier soen, dass bei deene vun der OCDE gefuerderten zwielef Accorden et net verständlech ass, wéi se op déi Zuel vun zwielef kouw. Déi ass néierens soss festgeschriwwen. Dat ass einfach en Hasard gewiescht.

Firwat hu se déi Dosen Accorden do virgeschriwwen? Ass et, well eng Partie Länner, déi verschidden anere Länner net genehm sinn, nach net dodru waren, dass se dat Spill, dat schrecklecht Spill gedriwwen hunn?

Ech gesinn elo, dass mer mat deem hei Accord da kënnen an d'Richtung goen, fir weider Accorden dann duerno ofzeschléissen, an dass mer dann déi magesch Zuel vun där Dose relativ schnell kënnen erfüllen. Mä nach eng Kéier wéi gesot, dat ass eppes, wat einfach imposéiert ginn ass, an et weess een nach net, am Numm vu wat a vu wem.

Mä no deene Remarquen awer wëll ech den Accord vu menger Fraktioun selbstverständlech zu deem Projet de loi ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Den Här Negri hat d'Wuert nach gefrot.

» **M. Roger Negri** (LSAP).- Merci, Här President. Mir ginn och den Accord zu deem Projet de loi. Villmools Merci.

» **M. le Président.** - Gutt, dann huet den Här Budgetminister Luc Frieden d'Wuert.

» **M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, dëst ass e wichtige Accord fir d'Lëtzebuurger Economie, well en eist grousst Netz vun Duebelbesteierungsofkommessen erweidert.

Duerfir mengen ech, ass den Hauptpunkt vun deem Accord en fait, fir der Lëtzebuurger Economie en général, der Lëtzebuurger Finanzplaz eng nei zousätzlech Chance ze ginn, well Indien ass eent vun deene groussen neie Länner, an deene sech enorm vill Méiglechkeete vu wirtschaftlecher Entwécklung bidden, an do ass et gutt a wichtig, datt Lëtzebuerg e Fouss an der Dier huet.

Duerfir hu mer an deene leschte Joren eng Rei Promotionsreesen an dat Land gemaach, well mer gesinn, datt dat e Land ass mat enger enormer Populatioun, mat engem enorme Potenzial fir Entwécklung, a wa mer en Duebelbesteierungsofkommess hunn, da gëtt dat eisen Entrepreneuren, eiser Finanzplaz vill nei Méiglechkeeten. Mir hu gesinn, och bei enger Visite, déi ech do virun zwee Joer gemaach hunn, datt och notament fir d'Lëtzebuurger Fongenindustrie e groussen Intérêt an deem Land ass. Dat ass déi grouss Chance, an duerfir muss mer weiterfueren, Duebelbesteierungsofkommessen ze maachen.

Ech géif gär den Här Thiel Merci soe fir säi Rapport, géif awer am Kontext vun dem Informationsaustausch déi eng oder aner Remarque derbäisetzen. Mir hunn den Informationsaustausch op Ufro wëllens, zesumme mat anere Länner, mat deene mer a Konkurrenz sinn, an eist Duebelbesteierungsofkommess anzebauen. Dat ass den OCDE-Modell. Mir contestéieren déi Ziffer zwielef, an duerfir kann ech der Madame Brasseur soen, datt mir och méi wéi zwielef där Accordë maachen, wann dat de Standard international ass.

Duerfir akzeptéiere mir och net déi Ziffer zwielef. Et ass héchstwahrscheinlech, datt een een Accord pro Mount ka maachen an an engem Joer se duerch huet. Déi Ziffer zwielef ass eng Kéier an engem Aarbechtsgrupp vun der OCDE als e rasonnabele Chiffer ugesi ginn, fir ze évitéieren, datt e Land mat engem Land esou en Accord mécht an da seet, mir sinn OCDE-konform.

Mir wäerten eng 15 bis 20 där Accorden négociéieren mat deene Länner, wou mer en direkten ekonomeschen Intérêt hunn oder wou mer wëllen nei Méiglechkeete maachen.

Ech hunn lech d'lescht Kéier gesot, datt mer no sinn un engem Accord, dat heescht d'Prinzipien alleguerten arrétéiert hunn, mat Amerika. Deen Accord muss an deenen nächsten Deeg ënnerschriwwen ginn.

Ech hu gëschter um Rand vum Conseil vun de Finanzministeren zu Bréissel och d'Négociatiounen mat Frankräich kënne finaliséieren. Och deen Accord kann also geschwënn ënnerschriwwen ginn.

Mat Däitschland schéngt dat ganz schwieereg, voire onméiglech an direkter Zukunft ze sinn, well do eng ganz Rei zousätzlech Revendicatiounen op den Dësch kommen, déi also méi Zäit brauchen a sécherlech net kënne virum dem Oktober/November ofgeschloss ginn, sou datt mer also do mussen nach méi Zäit domat verbréngen.

Elo no dëser Chamberssitzung ënnerschreiwe mer en Accord mam Bahrain, wat eis och an der Golfregioun zousätzlech Méiglechkeete vun Entwécklung gëtt. Och dat ass wichtig fir d'Lëtzebuurger Economie an d'Lëtzebuurger Finanzplaz, sou datt, wa mer déi Négociatioun intensiv an deenen nächste Wochen a Méint weiterféieren, kucken all Kéiers: Wat sinn eis richtig Intérëten, wéi formuléiere mer déi Ufro a spezifesch Fäll? - dann ass dat och eng nei Chance fir Lëtzebuerg.

Mir hu schonn zu Feira 2000 gesot - et ass also näischt, wat eréischt nom G20 komm ass: Wann och déi aner Länner den Informationsaustausch op Ufro maachen, da gi mir och an déi Richtung. An duerfir hu mer och gëschter am Conseil ECOFIN gesot: Wann dat den internationale Standard ass, da muss deen iwwerall ugewannt ginn, och an der Europäescher Unioun. Net méi an net manner, mä virun allem och net méi. Dat war eis Positioun gëschter, déi net déi vun der Kommissioun war.

Ech sinn awer frou, datt deesen Duebelbesteierungsofkommess och d'Zoustëmmung vun der Chamber féint. Wéi gesot, et ass eng Chance, an dat ass dat Wichtigst hei dobäi, datt mer mat Indien méi ekonomesch Relatiounen hunn.

Den Informationsaustausch op Ufro kennt esou, wéi den Här Rapporteur dat och erkläert huet - hei indirekt eran. Wa mer zum Beispill dee mat Frankräich ofmaachen, da kennt deen herno iwwert d'Clause de la nation la plus favorisée och an deesen Accord eran. Dat ass awer absolut kee Problem, dat schuet net der Finanzplaz. Der Finanzplaz notzt et, datt mer en Duebelbesteierungsofkommess mat Indien hunn esou wéi aneren Industriebetriber oder Fluggesellschaften, fir déi den indesche Marché enorm Chancë

bitt. Grad an der Kris gëllt et, dem Land nei Chancen ze ginn, an Duebelbesteierungsofkommess sinn Instrumenter, fir datt mer eise Betriber méi Entwécklungsméiglechkeete ginn.

Duerfir soen ech der Chamber Merci fir déi Zoustëmmung, déi se wëllt dëser Konventioun ginn.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5948 ass eestëmmeg ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5948 est adopté à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Lydie Err), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roland Schreiner), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Fernand Etgen), MM. Charles Goerens (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Diskussioun vum Rapport d'activité vum Médiateur. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Weydert, d'Madame Brasseur, d'Madame Err an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de President vun der Kommissioun, fir eis de Rapport vun der Petitiounskommissioun ze maachen, den honorabelen Här Camille Gira.

5. 5998 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité du Médiateur (2007-2008)

Rapport de la Commission des Pétitions

» **M. Camille Gira** (DÉI GRÉNG), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech dærf dëse Rapport hei presentéieren am Numm vun der Petitiounskommissioun, déi sech jo an der Tëschenzäit als Ulafstell fir de Médiateur an deem héijen Haus entwéckelt huet.

Bekanntlech gesäit d'Gesetz vum 22. August 2003 vir, dass de Médiateur all Joer e Rapport un d'Chamber reecht. Den Här Fischbach huet dat fir d'Period vum 1. Oktober 2007 bis den 30. September 2008 den 30. Oktober 2008 gemaach.

Dir wësst och, dass d'Presidentekonferenz decidéiert huet, dass éischters d'Chamber soll all Joer sech mat deem Rapport beschäftegen, an dass u sech am Prinzip d'Petitiounskommissioun den Opdrag kritt huet, fir deesen Débat d'orientation ze preparéieren.

Dir kënnt lech nach vläicht erënneren, dass mer deen Exercice eng éischte Kéier am Detail d'lescht Joer am Abrëll gemaach hunn, méi prezis den 22. Abrëll 2008. Et war kloer, do hu mer zréckgekuckt iwwert d'Ufäng vun dëser neier Institioun. Mir hu véier Rapporten ënnert d'Lupp geholl. Ech menge kënnen ze behaupten, dass mer e